

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet an un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

D'Force publique leeft säit puer Méint ënner dem Regime vum Covid-Check. Déi zukünfteg Polizisten an Zaldote kënnen doduerch u fir si obligatoresche Coursen an Aktivitéite just deelhuefen, wa si geimpft, geheelt oder negativ getest sinn. Dat huet bis elo souwuel fir déi theoretesch wéi och fir déi praktesch Course gegollt. Dat neit Covid-Gesetz huet d'Covid-Regelen awer weider verschäerft. Ënner anerem leet et fest, datt ee geimpft oder geheelt muss sinn, fir u sportlechen Aktivitéite kënnen deelzehuelen. Doduerch huet dëst Gesetz och eventuell Implicatiounen op d'Ausbildung vun net geimpften zukünftege Polizisten an Zaldoten, besonnesch am Hibleck op hir Participatioun u Coursen an Aktivitéiten, déi kierperlechen Asaz verlaangen (z.B. Self-Defense, Close Combat, Menottage, Policetactique, asw.).

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Häre Minister:

- 1) Kann d'Regierung preziséieren, ob et an der Force publique bei Aktivitéiten a Formatiounen, déi kierperlechen Asaz implizéieren, zu engem Shifting vum 3G zum 2G komme wäert? Wann dat de Fall sollt sinn: Wat fir Konsequenze wäert déi Ännerung fir net geimpften Zaldoten a Polizisten an der Ausbildung hunn?
- 2) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt déi genannt Aktivitéiten a Coursen zum Aarbechtsalldag vun den zukünftegen Zaldoten a Poliziste gehéieren an doduerch och weiderhin ënnert dem Regime vum 3G misste stattfannen, wéi dat vum neie Covid-Gesetz virgesinn ass?
- 3) Wéi schätzt d'Regierung d'Gefor an, datt et duerch een eventuellen Ausschloss vun net geimpften Zaldoten a Polizisten an der Ausbildung zu Problemer beim Recrutement an zu Demissiounen komme wäert, déi sech am Zesammenhank mat deem an de leschte Joren oft beklote Personalmangel bei der Force publique negativ op de Fonctionnement vun dësem Secteur auswierke kéinten?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser
Deputéierten